Nummer 268
Juni 2024

# Kropemann info

d'Informatiounsblat vun der Réidener Gemeng
Bulletin d'information de la commune de Redange/Attert




www.redange.lu

L-8510 REDANGE/ATTERT
38, Grand-rue
Adresse postale: B.P. 8
L- 8501 REDANGE/ATTERT

# Inhalt


| | |
|---|---|
| 2 | Inhalt |
| 3 | Wëssenswertes aus der Gemeng |
| 4-8 | Séance publique du conseil communal du 11 avril 2024 / AVIS |
| 9 | Iwwerreechung vum Drëpsi-Award |
| 10-11 | Noruff fir de Valy BODEM |
| 12-13 | Musikschoul Kanton Réiden |
| 14 | Visit Guttland |
| 15 | Réidener Jugendtreff |
| 16 | Sicona |
| 17 | Op der Schock |
| 18 | 10 Joer Konscht- an Hobbymaart zu Nidderpallen |
| 19 | Milly Weyland- Huberty huet hire 85. Gebuertsdag gefeiert |
| 20 | De Léo Lamborelle huet säi 85. Gebuertsdag gefeiert |
| 21 | Natur & Ëmwelt |
| 22 | Club Atertdall |
| 23-25 | Par Atertdall Sainte-CLAIRE |
| 25-27 | Schoul Réiden |
| 28 | Virowend vum Nationalfeierdag |





**Druck/Herausgeber:**
Gemeinde Redingen/Attert
***Kropemannkommission***
Philippe Faber, Monique Kuffer, Léon Huss, Majid Maki, Luc Pauly, Henri Thill.
**Sekretariat & Layout:** Philippe Faber & Tracé
**Tél.:** 23 62 24-1
**E-Mail:** kropemann@redange.lu

Kropemann-Info erscheint monatlich kostenlos.
Bitte alle Artikel für den «Kropemann-Info» bis zum **12. des Monats 12 Uhr** zukommen lassen.


© Copyright 2024

**Ausserhalb vun den Effnungszäiten vum Service Technique, ass e Service-Permanence ënnert dëser Nummer erreechbar:**

## *23 62 24 - 66*

**Mir bieden iech just dës Telefonsnummer unzeruffen wann dir folgend Urgencen hutt:**

***1. Probleemer mam Waassernetz***
1. Kee Leitungswaasser méi
2. Schwankungen beim Waasserdrock
3. Eng Fuite am Waasserreseau vun der Gemeng

***2. Probleemer mam ëffentleche Kanal***
1. Haaptkanal blockéiert, mam Risiko, dass d'Ofwaasser erëm zréck an d'Haiser leeft.

***3. Dringend Probleemer an de Gemengegebaier***
1. D'Heizung en Panne
2. Stroumausfall no der Kontroll vun de Secherungen




## Manifestatiounskalenner

### Juni 2024

***Den 9. Juni*** Wal-Apero vun 8 bis 14 Auer am Schoulhaff zu Réiden, org. vun der Bulle rullen zu Réiden a.s.b.l. - Europawalen

***Den 22. Juni*** Virowend vum Nationalfeierdag.

## Gemeng Réiden

### Ëffnungszäiten

**Méindes bis Freides vun**
**8.00 Auer bis 11.45 Auer**

**a Mëttwochs vun**
**8.00 Auer bis 11.45 Auer a vun**
**14.00 Auer bis 18.00 Auer**

## Containerpark Réiden

**Tél: 26 62 09 13**

***Dënschdes bis Freides***
vun 09.00 Auer bis 11.45 Auer
a vun 13.00 Auer bis 17.00 Auer.

***Samschdes***
vun 09.00 Auer bis 16.00 Auer.

## Offallkalenner

**Mëttwoch, de 5. Juni:** Hausoffall
**Freideg, de 7. Juni:** Biooffall
**Mëttwoch, den 12. Juni:** Valorlux
**Freideg, de 14. Juni:** Biooffall
**Méindeg, de 17. Juni:** Pabeiersammlung
**Mëttwoch, den 19. Juni:** Hausoffall
**Donneschdeg, den 20. Juni:** Glassammlung
**Freideg, den 21. Juni:** Biooffall
**Mëttwoch, de 26. Juni:** Valorlux
**Freideg, den 28. Juni:** Biooffall

# *Séance publique du conseil communal du 11 avril 2024*

## *Approbation de l'ordre du jour.*

1. Adaptation du règlement d'occupation des postes du personnel enseignant de l'école fondamentale de Redange/Attert ;
2. Adaptation du règlement d'ordre intérieur de l'école fondamentale ;
3. Saisine du projet de modification ponctuelle du PAG « Parc Worré » à Redange/Attert ;
4. Approbation d'actes, de contrats et de conventions ;
5. Fixation du prix de vente d'un livre intitulé : Kropemann-Fest und Kropemann-Theater in Redingen/Attert 2018-2023 ;
6. Allocation de jetons de présences aux membres des commissions légales et consultatives communales ;
7. Fixation de l'indemnité relative aux frais de distribution des fiches de recensement et des convocations pour les élections;
8. Décision de vendre la friterie mobile ;
9. Approbation d'un règlement relatif à la sécurité et à la discipline pour le transport scolaire ;
10. Adaptation des critères concernant les cadeaux à allouer lors de la célébration de mariages ou d'anniversaires de résidents ;
11. Décision d'adhésion de la commune d'Ell au Syndicat Intercommunal du Centre pour la Conservation de la Nature ;
12. Approbation du budget rectifié de l'année 2023 et du projet de budget de l'année 2024 de l'Office Social du Canton de Redange ;
13. Dénomination de la chaussée du lotissement dans l'Allée des Tilleuls à Redange/Attert ;
14. Adaptation du règlement général de circulation ;
15. Signature d'une autorisation pour le receveur communal d'entamer les poursuites judiciaires contre différents débiteurs de la commune.

***Présents :*** M. Henri GEREKENS, bourgmestre et Mme Danielle SIMON-ARENDT et M. Jeff LISARELLI, échevins, Mme Monique BODEVIN-WOLSFELD, M. Tom FABER, Mme Monique KUFFER, M. Luc PAULY, M. Romain REDING et Mme Jeanny VALENT-WELFRING, conseillers.

Mme Muriel SEIL-NOURISSIER, secrétaire.

***Absents :*** M. Norbert NILLES, conseiller excusé, votant par procuration donnée à M. Tom FABER conseiller, conformément à l'article 19 bis de la loi communale et M. Henri THILL, conseiller excusé, votant par procuration donnée à Mme Jeanny VALENT-WELFRING, conseillère, conformément à l'article 19 bis de la loi communale.

Toutes les décisions, à part celle relative au point à l'ordre du jour numéro 3, ont été prises à l'unanimité.

## *Adaptation du règlement d'occupation des postes du personnel enseignant de l'école fondamentale de Redange/Attert*

Approbation de différentes modifications au règlement d'occupation des postes du personnel enseignant de l'école fondamentale de Redange/Attert. Une copie du règlement adapté peut être demandée auprès du secrétariat communal.

## *Adaptation du règlement d'ordre intérieur de l'école fondamentale*

Approbation de différentes modifications au règlement d'ordre intérieur de l'enseignement fondamental. Une copie du règlement adapté peut être demandée auprès du secrétariat communal.

## *Saisine du projet de modification ponctuelle du PAG « Parc Worré » à Redange/Attert*

Approbation du projet de modification ponctuelle du PAG au lieux-dits « Grand-Rue » et « Rue de Niederpallen » à Redange/Attert, sis commune de Redange, section D de Redange, sur des fonds inscrits aux numéros 58/3857 ; 58/6172 et 80/5554 du cadastre.

## *Approbation d'actes, de contrats et de conventions*

• Acte d'échange immobilier du 4 avril 2024, conclu avec M. Albert DONDLINGER par lequel il cède à la commune de Redange/Attert les fonds repris au tableau ci-après :

| N° cadastre | Section | Lieu-dit | Nature | Contenance | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | **ha** | **a** | **ca** |
| 32/1066 | E de Reichlange | Langwies | Pré | 2 | 65 | 05 |

En contre-échange, la Commune cède et abandonne à la partie susmentionnée, la propriété immobilière ci-après, sise sur le territoire de la commune de Redange/Attert, inscrite au cadastre de la même commune, section C d'Ospern, à savoir :

| **N° cadastre** | **Section** | **Lieu-dit** | **Nature** | **Contenance** | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | **ha** | **a** | **ca** |
| 696/2354 | C d'Ospern | Im Ecker | Terre labourable | 0 | 27 | 00 |
| 697/2355 | C d'Ospern | Im Ecker | Terre labourable | 0 | 50 | 10 |
| 698 | C d'Ospern | Im Ecker | Terre labourable | 0 | 6 | 60 |
| 701/2357 | C d'Ospern | Im Ecker | Terre labourable | 0 | 51 | 50 |
| 703/1809 | C d'Ospern | Im Ecker | Terre labourable | 0 | 26 | 40 |
| 703/1810 | C d'Ospern | Im Ecker | Terre labourable | 0 | 29 | 90 |
| 703/2358 | C d'Ospern | Im Ecker | Terre labourable | 0 | 71 | 50 |
| | | | | 2 | 63 | 00 |

• Approbation d'un acte de constitution de servitude du 21 mars 2024 par-devant Me. Mireille HAMES, notaire de résidence à Mersch, conclu avec M. Paul GLOESENER de Nagem concernant la constitution d'une servitude de parcelles sises à Nagem, appartenant à M. Paul GLOESENER de Nagem, inscrites au cadastre comme suit :

Place, sise section B de Nagem au lieu-dit «rue Principale», numéro cadastral 243/2589 ;
Pré, sis section B de Nagem au lieu-dit «Im Weiher», numéro cadastral 249/2156 ;
Pré, sis section B de Nagem au lieu-dit «Im Weiher», numéro cadastral 249/2651 ;
Pré, sis section B de Nagem au lieu-dit «Im Weiher», numéro cadastral 249/2160 ;

• Approbation d'un acte de constitution de servitude du 21 mars 2024 par-devant Me. Mireille HAMES, notaire de résidence à Mersch, conclu avec Mme HANSCHE Marie-Josée et Mme HANSCHE Brigitte de Nagem concernant la constitution d'une servitude de parcelles sises à Nagem, appartenant à Mme HANSCHE Marie-Josée et Mme HANSCHE Brigitte de Nagem, inscrites au cadastre comme suit :

Pré, sis section B de Nagem au lieu-dit «Muehlenbusch», numéro cadastral 749/2792 ;
Pré, sis section B de Nagem au lieu-dit «Muehlenbusch», numéro cadastral 749/2793 ;
Terre labourable, sis section B de Nagem au lieu-dit «Muehlenbusch», numéro cadastral 749/1093 ;
Pré, sis section B de Nagem au lieu-dit «Unter den Garten», numéro cadastral 994/2755 ;

• Acte de constitution de servitude du 21 mars 2024 par-devant Me. Mireille HAMES, notaire de résidence à Mersch, conclu avec M. WELSCHER Joseph et Mme SCHNEIDER Denise de Nagem, inscrite au cadastre comme suit :
Pré, sis section B de Nagem au lieu-dit «Pullgaass», numéro cadastral 991/2753 ;

• Approbation de la convention relative au service «Night Rider», signée le 1er mars entre l'administration communale de Redange/Attert, représentée par son collège des bourgmestre et échevins actuellement en fonction et la société Sales-Lentz Autocars (SLA) S.A., établie à L-4901 Bascharage, ZI Bommelscheuer, représentée par Monsieur Sam SALES, Directeur Général, pour la durée d'une année avec renouvellement par tacite reconduction ;

• Approbation du contrat du 20 février 2024 conclu entre la commune de Redange/Attert, représentée par son collège des bourgmestre et échevins et Mme Nicole SCHAACK d'Eltz concernant l'enlèvement d'arbres existants, la plantation et l'entretien d'arbres fruitiers à haute tige et le renouvellement éventuel d'une clôture sur les fonds inscrits au cadastre comme suit : Commune de Redange/Attert, section C d'Ospern, au lieu-dit «rue de Redange », numéro 716/2886.

## *Fixation du prix de vente d'un livre intitulé Kropemann-Fest und Kropemann-Theater in Redingen/Attert 2018-2023*

Décision d'arrêter le prix de vente du livre « Kropemann-Fest und Kropemann-Theater in Redingen/Attert 2018-2023» réalisé par M. Jean NEHRENHAUSEN en collaboration étroite avec l'administration communale de Redange/Attert, à 75,00.- € par exemplaire.

## *Allocation de jetons de présences aux membres des commissions légales et consultatives communales*

Fixation des jetons de présence, revenant aux présidents et secrétaires des commissions consultatives communales de la commune de Redange/Attert, à 50 € TTC par séance , et ceux revenant aux membres des commissions consultatives communales de la commune de Redange/Attert, à 30 € TTC par séance, avec effet rétroactif au 1 janvier 2024 et pour un maximum de 4 séances par an.

## *Fixation de l'indemnité relative aux frais de distribution des fiches de recensement et des convocations pour les élections*

Fixation des indemnités revenant aux agents distribuant au nom et pour le compte de la commune, des fiches de recensement et des convocations pour les élections à :

- 30.-/heure pour la distribution des convocations aux élections ;
- 30.-€/heure pour la distribution de documents relatifs au recensement, autres que ceux rémunérés par l'Etat.

## *Décision de vendre la friterie mobile*

Décision de vendre la friterie mobile au prix de 4.000.-€.

## *Approbation d’un règlement relatif à la sécurité et à la discipline pour le transport scolaire*

Suite aux constats réguliers de manquements de discipline lors du transport scolaire, un règlement relatif à la sécurité et à la discipline pour le transport scolaire a été arrêté.
Une copie du règlement en question peut être demandée auprès du secrétariat communal.

## *Adaptation des critères concernant les cadeaux à allouer lors de la célébration de mariages ou d’anniversaires de résidents ;*

Adaptation des critères concernant les cadeaux à allouer lors de la célébration de mariages ou d’anniversaires de résidents, comme suit :

- Un cadeau d’une valeur maximale de 150.- €/htva sera offert à chacun des résidents fêtant ses 85, 90, 95, 100, 101, 102, 103, 104, 105 ans et plus ;
- Un arrangement de fleurs d’une valeur maximale de 50.-€/htva sera remis à chaque couple célébrant son mariage civil à la maison communale.

## *Décision d’adhésion de la commune d’Ell au Syndicat Intercommunal du Centre pour la Conservation de la Nature*

Approbation de l’Adhésion de la Commune d’Ell au Syndicat Intercommunal du Centre pour la Conservation de la Nature.

## *Approbation du budget rectifié de l’année 2023 et du projet de budget de l’année 2024 de l’Office Social du Canton de Redange*

Approbation du budget rectifié 2023 et le budget 2024 de l’Office Social du canton de Redange, OS CARE, comme suit :

| **BUDGET RECTIFIE 2023** | **Service ordinaire** | **Service extraordinaire** |
|---|---|---|
| TOTAL DES RECETTES | 2.295.386,89.- | 25.005,32.- |
| TOTAL DES DEPENSES | 2.191.022,98.- | 22.774,47.- |
| BONI PROPRE A L’EXERCICE | 104.363,91.- | 2.230,85.- |
| MALI PROPRE A L’EXERCICE | | |
| BONI DU COMPTE 2022 | 66.516,21.- | 367.482,53.- |
| MALI DU COMPTE 2022 | 0,00.- | 0,00.- |
| BONI GENERAL | 170.880,12.- | 369.713,38.- |
| MALI GENERAL | | |
| TRANSFERT | | |
| de l’ordinaire à l’extraordinaire | 0,00.- | 0,00.- |
| BONI PRESUME FIN 2023 | 170.880,80.- | 369.713,38.- |
| MALI PRESUME FIN 2023 | 0,00.- | 0,00.- |

| BUDGET 2024 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| --- | --- | --- |
| TOTAL DES RECETTES | 2.659.639,34.- | 27.569,70.- |
| TOTAL DES DEPENSES | 2.659.639,34.- | 23.799,86.- |
| BONI PROPRE A L'EXERCICE | | 3.769,84.- |
| MALI PROPRE A L'EXERCICE | | |
| BONI PRESUME FIN 2023 | 170.880,12.- | 373.483,22.- |
| MALI PRESUME FIN 2023 | 0,00.- | 0,00.- |
| BONI GENERAL | 170.880,12.- | 468.489,92.- |
| MALI GENERAL | 0,00.- | 0,00.- |
| TRANSFERT | | |
| de l'ordinaire à l'extraordinaire | 0,00.- | 0,00.- |
| BONI DEFINITIF | 170.880,12.- | 373.483,22.- |
| MALI DEFINITIF | | |

## *Dénomination de la chaussée du lotissement dans l'Allée des Tilleuls à Redange/Attert*

Décision de dénommer la chaussée du nouveau lotissement « Allée des Tilleuls » à Redange/Attert : « Cité Kropemann ».

## *Adaptation du règlement général de circulation*

Approbation de différentes modifications au règlement communal de circulation. Une copie du règlement adapté peut être demandée auprès du secrétariat communal.

## *Signature d'une autorisation pour le receveur communal d'entamer les poursuites judiciaires contre différents débiteurs de la commune*

Le conseil a autorisé, à l'unanimité, par sa signature, le receveur communal, d'entamer les poursuites judiciaires contre différents débiteurs de la commune.

## *AVIS AU PUBLIC*

Conformément aux dispositions de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, il est porté à la connaissance du public qu'en date du 2 mai 2024, Monsieur le Ministre des Affaires Intérieures a approuvé la délibération du 22 février 2024 du conseil communal portant adoption du projet de modification du plan de repérage du plan d'aménagement particulier « PAP QE », sur des fonds, sis commune de Redange, section D de Redange, au lieu-dit « Auf Klapescht ».

*Redange, le 16 mai 2024.*
*Le collège des bourgmestre et échevins,*

# Iwwerreechung vum Drëpsi-Award




De 17. Abrëll war d'Iwwerreechung vum Drëpsi-Award. Bei enger feierlecher Zeremonie am Ministère kruten 19 Drénkwaasserversuerger dës Auszeechnung fir hir Efforten an der Risikogestioun bei den Drénkwaasser-Infrastrukturen – vun der Quell bis un de Krunn. Fir dës Auszeechnung ze kréien, hunn d'Versuerger hir Donneeën am Online-Tool LuxWSP vun der AGE aginn. Do sinn all eenzel Risiken opgelëscht, duerch déi d'Drénkwaasserqualitéit kéint beanträchtegt ginn. Et ass dann um Versuerger sech d'Fro ze stellen, wéi eng Risiken hien a sengem System huet a wou nach eppes muss gemaach ginn. Zum Schluss huet de Versuerger eng Lëscht mat alle Moossnamen, déi hien a senger Gemeng nach maache muss, fir ee ganz séchere System ze garantéieren. Soubal hien domat fäerdeg ass, kënnt d'Waasserverwaltung nach op d'Plaz kucken. Eréischt da kann décidéiert ginn, ob ee Versuerger een Drëpsi-Award kritt oder net.

Dësen Drëspi-Award ass gestaffelt vu Bronze bis Platin, woubäi d'Gemeng Réiden den Drëpsi Gold krut, a sou scho vill a gudd Aarbecht an de läschte Joren vun eisem Technesche Service am Beräich Drénkwaasser geleescht gouf.
Mat dësem Tool ass Lëtzebuerg Virreider op europäeschem Niveau am Risikomanagement vun den Drénkwaasser-Infrastrukturen.

Ee grousse Succès war och de Workshop fir Gemengen-Techniker, dee moies vun der AGE zum Thema organiséiert gouf a un deene ronn 100 Leit Deel geholl hunn.

Méi Informatiounen zum Drénkwaasser fann Dier ënner ***www.waasser.lu***

# Noruff Valy BODEM

## *Äddi Valy,*

De 24. Abrëll krute mir déi traureg Noricht, dass eise gudde Frënd a fréiere Gemengerotsmember, de Valy Bodem, gestuerwe wier. Obschonns mir all wousste wéi krank hie war, deet et awer wéi ze wëssen dass mir eis ni méi wäerten erëm gesinn.

Den 13.September 1987 hat de Valy schon wärend sengem Beruf als Gendaarm eng schwéier Messerattack iwwerlieft. Hien huet ëmmer selwer gesot, dass hien ouni säin decke Bauch vun deemools dat nimools iwwerstan hätt, (...sou säin Dokter) a war dankbar fir di vill geschenkte Joren duerno.

No senger Pensionéierung ass de Valy 2011 eng éischte Kéier mat an d' Wale gaang an ass do als véiert Gewielte ra komm. Hien war un allem interesséiert an huet all Punkte vun der Gemengerotssitzung genau hannerfrot an ausdiskutéiert. Dobäi ass et och heiansdo méi haart erof gaang wann hien dem „Dokter" (wéi hien de Buergermeeschter deemools respektvoll genannt huet) an den 2 Schäffe mol richteg d' Wouerecht gesot huet. Jo hien huet munchmol richteg konstruktiv Oppositioun gemaach wann et huet misse sinn. Duerch de Valy hunn eis Sitzungen heiansdo ganz laang gedauert mee et war eng flott Zäit.

Och 2017 ass de Valy nach emol gewielt ginn, mee leider ass hie kuerz duerno krank ginn a konnt nitt méi vill dobäi sinn. No enger Zäit hat hien sech awer erëm gutt erkritt , hie war e ganz neie Mënsch ginn an och erëm am Gemengerot aktiv.

Hie selwer hat all seng Frënn scho viru ca.10 Méint drop virbereet, dass hie geschwë misst goen. Bei ganz ville vun eis huet hien am Mäerz nach ugeruff, vläicht fir Äddi ze soen. De Valy konnt ganz gutt iwwer seng Krankheet schwätzen, huet se akzeptéiert a war frou dass hien no der schlëmmer Diagnose vu virun e puer Joer nach e puer gutt Joer duerno geschenkt krut, wéi hien ëmmer sot. Hien hat du Momenter wou hie rëm richteg gutt konnt vum Liewe profitéieren an hat nach e puer flott Reese gemaach.

De Valy war ee joviale Mënsch mat enger „sozialer Oder". Hien hat fir jiddereen e gutt Wuert, huet gäre gehollef wou hie konnt. Hie war opmierksam, huet jidderengem manéierlech d'Hand ginn op der Strooss oder op engem Fest. Hien hat a sengem Auto fir all Geleeënheet kleng Kaddoe leien a méi wéi emol krut ech spontan eppes vun him, och ouni Grond. Hien huet sech reegelméisseg bei villen vun eis gemellt, och nach elo wou hien a sengem zweete Wunnsëtz zu Neuerburg an Däitschland gewunnt huet a kee Gemengerotsmember méi war.

Valy du feels elo schonn, mir, d'Gemeng Réiden an all eist Personal, drécken der Famill eist häerzlechst Bäileed aus an a Gedanke wäerte mir nach ganz oft bei dir sinn.


Monique Kuffer











# Musikschoul Kanton Réiden

Le Syndicat intercommunal **Musikschoul Kanton Réiden** se propose de recruter pour l'année scolaire 2024/2025 sous le statut de salarié(e)s groupe de traitement A2

## 1 ENSEIGNANT DE CLARINETTE

4 à 6 leçons

## 1 ENSEIGNANT DE COR D'HARMONIE

4 à 6 leçons

## 1 ENSEIGNANT DE DICTION ALLEMANDE/FRANÇAISE

4 à 6 leçons

L'aide-mémore reprenant les conditions spécifiques à remplir et les pièces à joindre à la demande est disponible sur les liens suivants **www.emcr.lu**

Vos demandes sont à adresser pour le **21 juin 2024** au plus tard au bureau du **Syndicat Intercommunal Musikschoul Kanton Réiden**
1, Rue du Lycée L-8508 Redange

ou par e-mail à **andy.loor@emcr.lu**

Pour le S.I. Musikschoul Kanton Réiden
Henri RASQUE, Président
Sonja KETTMANN, Vice-Présidente

MKR
Musikschoul Kanton Réiden

Redange, le 11 mai 2024


MKR
Musikschoul Kanton Réiden
PORTE OUVERTE
Samschdes, 8. Juni 2024
10.00 – 15.00 Auer
➢ Présentatioun vun den Instrumenter
➢ Aschreiwungen NEI Schüler vum 3. Juni bis 15. Juli 2024
➢ Concerten
Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt
École de Musique du Canton de Redange
1, rue du Lycée L-8508 Redange/Attert
Tél : 23 62 08 76 info@emcr.lu www.emcr.lu

# Guided Summer Tours

**Bei Tag und Nacht entdecken vom 16. Juli - 6. September**

VISIT GUTTLAND

**Anmeldung & Informationen**
www.visitguttland.lu/de/guided-summer-tours

**Während der Sommerferien erwartet Sie in der Region Guttland ein besonderes Programm. Ob Groß oder Klein, hier ist für jeden etwas dabei!**

| Explorer Tuesday | Afterwork Wednesday | Farmers Thursday | Friday by night | De gudde Samschdeg |
|---|---|---|---|---|
| **16.07 & 13.08**<br>14:00-15:30 Uhr<br>Useldingen<br>**Kinderfreundliche Tour auf der Useldinger Burg**<br>LU/DE | **17.07 & 14.08**<br>19:00-20:30 Uhr<br>Kahler<br>**„Rebierg" bei Sonnenuntergang**<br>LU/DE/FR | **18.07 & 15.08**<br>14:00-16:00 Uhr<br>Contern<br>**Familienausflug auf die Straußenfarm „An Nommesch"**<br>LU/DE/FR | **19.07 & 16.08**<br>20:30-22:00 Uhr<br>Goeblange<br>**Fackelwanderung zur römischen Villa**<br>LU/DE | **20.07 & 17.08**<br>10:00-12:00 Uhr<br>Mamer<br>**Waldbaden**<br>LU/DE |
| **23.07 & 20.08**<br>14:00-16:00 Uhr<br>Nospelt<br>**Péckvillchen Workshop**<br>LU/DE | **24.07 & 21.08**<br>18:30-20:30 Uhr<br>Steinfort<br>**Keramik Workshop**<br>FR | **25.07 & 22.08**<br>14:00-16:30 Uhr<br>Reimberg<br>**Bauernhof "A Wëlwertz"**<br>LU/DE/FR | **26.07 & 23.08**<br>20:00-22:30 Uhr<br>Useldingen<br>**Geschichten, Sagen und Legenden auf der Useldinger Burg**<br>LU | **27.07 & 24.08**<br>10:30-12:00 Uhr<br>Ansembourg<br>**Outdoor Yoga & Nature meditation walk & garden tea**<br>LU//FR/EN |
| **30.07 & 27.08**<br>14:00-16:30 Uhr<br>Haut-Martelange<br>**DOTS.SCHIEFER Atelier**<br>LU/DE/FR | **31.07 & 28.08**<br>18:30-20:30 Uhr<br>Nospelt<br>**Péckvillchen Workshop**<br>LU/DE/FR | **01.08 & 29.08**<br>14:00-17:00 Uhr<br>Rollingen<br>**Das Leben auf dem Kass-Haff**<br>LU/DE/FR/EN | **02.08 & 30.08**<br>20:30-23:00 Uhr<br>Haut-Martelange<br>**Abtauchen in die Welt der Leeképperten**<br>LU | **03.08 & 31.08**<br>09:00-12:00 Uhr<br>Mertzig<br>**Yoga Trail rund um das Schloss Turelbaach**<br>LU (DE/EN) |
| **06.08 & 03.09**<br>14:30-17:00 Uhr<br>Rindschleiden<br>**Familienspaß in der Thillenvogtei**<br>LU | **07.08 & 04.09**<br>19:00-21:00 Uhr<br>Rollingen<br>**Yoga um Kass-Haff**<br>EN | **08.08 & 05.09**<br>18:00-20:00 Uhr<br>Hovelange<br>**Alpaka Trekking**<br>LU/DE/FR/EN | **09.08 & 06.09**<br>19:00 -22:00 Uhr<br>Uebersyren<br>**Schlammwiss by night**<br>LU/DE/FR/EN | **10.08**<br>15:00-17:00 Uhr<br>Useldingen<br>**Auf den Spuren der Dollarmatti**<br>LU |


SUMMERAKTIVITÉITEN
2021
22.-26. JULI 2021
10-17 AUER
12-17 JOER
MELL DECH UN :
manuella@mjredange.lu
maite@mjredange.lu
ORG. RÉIDENER JUGENDTREFF
MUSIK
SPORT
KACHEN
THEATER
KONSCHT
DANZEN
13 Grand-Rue
Réiden

# Nature for People
# People for Nature















## D'Gemeng Reiden an de SICONA invitéieren op d'Aktivitéit

### Iwwert d'Geseemsproduktioun vu Wëllplanzen – Visitt vun engem Wëllplanzesom Lëtzebuerg -Feld

10.07.2024 18:00

rue de Nagem, Reiden Direktioun Nogem / http://g-o.lu/3/oDUK

Fir d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen a Blummewisen unzeleeën si qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschunge mat Wëllplanzen aus Lëtzebuerg géeegent. D'Naturschutzsyndikat SICONA an den '*natur musée*' hunn an deene leschte puer Joer mat Lëtzebuerger Baueren an enger Rei Partner eng Someproduktioun vu Wëllplanzen opgebaut.

Op dëser Visitt vun engem Wëllplanzefeld vum '*Wëllplanzesom Lëtzebuerg*' kritt Dir en Abléck, wéi Geseems vun heemesche Wëllplanze produzéiert gëtt. Kuckt Iech déi bléiend Kulturen um Feld un a loosst Iech de biologeschen Ubau vu wëlle Kräider a Grieser erklären.

Mir stellen Iech d'Geseemsmëschungen *(LUX-Mëschungen)* vir a beroden Iech gär wéi och Dir domat eppes géint de Biodiversitéitsverloscht ënnerhuele kënnt an spéider doheem eng schéi Blummewiss uleeën kënnt.

Méi iwwer '*Wëllplanzesom Lëtzebuerg*' fannt Dir hei: www.wellplanzen.lu.

Ditt w.e.g. dem Wieder ugepasst Gezei a gutt Wanderschong un. D'Explikatioune sinn op lëtzebuergesch.

**Umeldung: iwwert E-Mail administation@sicona.lu oder Telefon: 26 30 36 25**

*Dëse Projet gëtt vum Emweltministère finanzéiert; mat der Ënnerstëtzung an ënner der Opsiicht vum Saatgut-Unerkennungsdéngscht vun der Verwaltung fir technesch Servicer vun der Landwirtschaft (ASTA).*

# Op der Schock



# 10 Joer Konscht- an Hobbymaart zu Nidderpallen

Och, dëst Joer hunn erëm vill Leit de Wee bis op den 10. Konscht-an Hobbymaart op Nidderpallen fonnt a konnte bei schéinste Wieder e gemittlechen Tour iwwert de Maart maachen a sech erëm vun der Kreativitéit an dem wonnerbare Konschthandwierk vun de 89 verschiddenen Aussteller iwwerzeegen.

Encadréiert mat gudder Musik duerch den Duo Wa-Ta Touille an der Foulschter Strëpp konnten d'Besicher a schéinster Atmosphär e gudde Patt drénken an eppes iessen, dëst organiséiert vum Nidderpallener Gesanksveräin, dee sech mat Freed drëms gekëmmert huet.















# Milly Weyland- Huberty huet hiere 85. Geburtsdag gefeiert



Zënter Dezember 2023 verbrëngt Milly Weyland- Huberty hire Liewensowend, am HPPA zu Réiden. Bei gudder Gesondheet an och sëcherlich zefridde, konnt d'Milly Huberty viru kuurzem de 85. Gebuertsdag och am Altersheem feieren. D'Jubilarin koum de 4. Abrël 1939 als dat jëngst vun zwee Kanner aus dem Bestiednis vum Pierre Huberty an Anny Fassbinder zu Réiden op d'Welt. D'Hochzäit mam Marcel Weyland vun Osper, deen op der Schmelz zu Déifferdéng geschafft huet, war am Dezember 1956. Mat hiren zwee Meedercher an hiren zwéin Jongen hu si zesummen zu Réiden gewunnt. Ganz stolz ass d'Milly Weyland-Huberty haut och op hir zwee Enkelkanner. Leider ass hire Mann Marcel am Februar 2002 gestuerwen. Wéi dat zur schéiner Traditioun gehéiert ass de 85. Gebuertsdag och gebührend gefeiert ginn. Am Kader vun enger Feierstonn war et um Home- Direkter Dany Oestreicher als Alleréischten, fir dem Gebuertsdagskand am Numm vun der Direktioun an dem ganze Personal di allerbäscht Gléckwënsch mat der Iwwerreechung vun enger Coupe, gefëllt mat schéine Blummen, ze iwwerbrëngen. Och de Buergermeeschter Heng Gerekens mat de Vertrieder vum Schäffen- a Gemengerot ware mat Blumme present, fir der Jubilarin am Numm vun der Gemeng Réiden ze gratuléieren a weiderhi vill Freed bei gudder Gesondheet op dem weidere Liewenswee ze wënschen. Ganz besonnesch ass dobäi op dat fräiwëllegt Engagement vum Milly higewise ginn, wou si méi wi 25 Joer am Ambulanzdingscht bei der deemoliger Protection Civile an och laang Joren am Komitee vun de Réidener Fraen a Mammen ganz aktiv war. Zesumme mat der Famill ass d'Glas erhuewe ginn, an op de 85. Gebuertsdag vum Milly Weyland- Huberty geprost ginn. (CR) (Foto: Charles Reiser)

# De Léo Lamborelle huet säin 85. Gebuertsdag feiert



De ganze Schäffen- a Gemengerot vun der Gemeng Réiden war mat enger prall gefëllter Corbeille vir kuurzem bei de Léo Lamborelle op Lannen komm, fir him zu sengem 85. Gebuertsdag ze gratuléieren. De Léo Lamborelle ass de 4. Mäerz 1939 als eelste vu véier Kanner zu Ettelbréck op d'Welt komm. Seng Elteren waren den André Lamborelle vu Crendal an d'Catherine Leyder vu Lannen. De 14. Abrël 1977 gouf Hochzäit gefeiert mam Maria Munhoven vu Mondorf. Allen zwee hu si hirt d'Liewe laang bis zu hirer Pensioun de Bauerenhaff zu Lannen virugefouert. Zesummen ass och zu Lannen gefeiert ginn, wou de Buergermeeschter Heng Gerekens an treffende Wierder op d'Liewe vum Jubilar agaangen ass, deen als einfachen an och ëmmer als humorvollen a lëschtege Bierger an der Gemeng zesummen mat senger Fra Maria säi Liewen zu Lannen verbruecht huet. Am Numm vun der Gemeng Réiden ass dem Jubilar weiderhin och Alles Guddes an och eng gutt Gesondhheet gewënscht ginn. Duerno ass zesummen d'Glas op de 85. Gebuertsdag erhuewe ginn an op weider schéi Jore geprost ginn.

(CR) (Foto: Charles Reiser)

natur&ëmwelt

**39.Generalversammlung vun Natur&Ëmwelt- Sektioun Kanton Réiden**

Viru kuerzem hat déi Réidener Sektioun vun Natur an Ëmwelt hir Generalversammlung zu Biekerech "op der Millen". De President Romain Kleer huet d'Leit begréisst, ënnert hinnen den 1. Schäffe Claude Loutsch vun der Gemeng Biekerech , als Vertrieder vum de Buergermeeschter Thierry Lagoda, deen aner politesch Verpflichtungen hat. Besonnesch erfreet war d'Sektioun iwwert d'Präsenz vum Éierepresident vun Natur an Ëmwelt, dem Tom Conzemius. De Keessjee Gérard Zoller huet d'Finanzlag vun der Sektioun presentéiert ier de Sekretär,John Sowa, ee Réckbléck op d'Aktivitéiten aus dem vergaangene Joer gemaach huet. Uschléissend gouf de Comité erneiert a verstäerkt an de Programm 2024 presentéiert: Bamplanzcours, Deelhuelen um Kropemannsfest zu Réiden an um Chrëschtmaart zu Useldeng, Ophänke vu Waassermärelskëschten un der Atert an d'Ënnerstëtzung vun der Fondatioun „Hëllef fir d'Natur" beim Opbau vun enger Dréchemauer an der "Riedergrënn" tëscht Kolpech a Kleng-Elcher. Zanter kuerzem huet d'Sektioun och eng Facebook-Säit, déi elo lues a lues ausgebaut gëtt an et gëtt och probéiert, duerch Artikelen an de Gemengenzeitungen vum Kanton méi Präsenz ze weisen an d'Leit iwwer aktuell Themen z'informéieren an ze sensibiliséieren. No enger ganz interessanter Power-Point-Presentatioun vum Liliane Burton iwwert d'Waasservullen op den Iewerlenger Weieren am Laf vun de leschte Joren huet de Jean Weis dunn, a Vertriedung vum Fernand Schoos, dee leider krank war, d'Waassermärelkëschteprojet virgestallt. Duerno goufen 2 Chèquen iwwerreecht : 3000 € fir CNDS a 5000 € fir d'Fondatioun "Hëllef fir d'Natur", wouvun der ca. 2000 am Kanton selwer investéiert ginn, well domat e Student oder eng Studentin bezuelt gëtt, déi ee Mount laang am August/September op der Säller Héicht hëlleft, den Zuchvullen dee richtege Wee an de Süden ze weisen. De Claude Schiltz vun der Fondatioun huet och nach de Projet "Dréchemauer" virgestallt, ier de Claude Loutsch der Sektioun Merci gesot huet fir hiert Engagement. Hien huet och Detailer ginn iwwert den Naturprojet vun der Gemeng Biekerech als Erënnerung un de Camille Gira, dee vun der Réidener Sektioun vun Natur an Ëmwelt ënnerstëtzt gëtt. No der obligater Gruppefoto huet den Éierewäin, offréiert vun der Gemeng, d'Versammlung ofgeschloss .



Club Atertdall
zesummen erliewen

Der Sommer kündigt sich an  und anbei für Sie einige Vorschläge zum Mitmachen.
*L'été s'annonce et si après quelques propositions pour vous.*



## KOMM SANG MAT! *VENEZ CHANTER ENSEMBLE!*

Gesellen Sie sich zu einer gemütlcihen Runde, bei der Sie bei Kaffee und Kuchen gemeinsam bekannte Lieder singen.
*Rejoignez-nous pour un moment de convivialité autour d'un café et d'un gâteau, en chantant ensemble des chansons connues.*

**Jeweils Montags / *lundis***
15.07 / 12.08
**Wann / *quand*:** 14.00 - 16.00
**Wo / où:** Parsall - Bistrot / Grosbous ( nahe der Kirche)

## SPIELMORGEN

Warum nicht etwas willkommene Abwechslung in einer geselligen Runde bei einer Partie Rummy, Milchen, Whist, Konter a Matt,...

**Jeweils Dienstags**
18.06 / 02.07 / 16.07 / 06.08 / 13.08
**Wann :** 09.30 - 11.30
**Wo :** Centre Culturel „ op der Fabrik" - Platen (3, al Strooss)

## SCHUEBERFOUER

**Mittwoch, den 04.09**
***Mercredi le, 04.09***
**Abfahrt / *départ*:**
gegen/vers 10:30
**Einschreibungen bis 12. August!**
***Inscriptions jusqu'au 12 août!***

## NEU! NOUVEAU!

## TRAUERBEGLEITUNG / *ACCOMPAGNEMENT DU DEUIL*

für Menschen, die trauern oder einen kranken Angehörigen begleiten.
*Pour les personnes en deuil ou qui accompagnent un proche malade.*
**Jeweils Freitags / *vendredis***
**1. Treffen / *1re rencontre:***
14.06
**Wann / *quand*:** 9.30 - 11.00
**Wo / où:** Maison Worré - Redange/Attert (11, Grand-Rue)

## PFLEGENDE ANGEHÖRIGE / *PROCHES AIDANTS*

Für Menschen, die einen ihrer Liebsten pflegen/gepflegt haben als auch für jene, die im Pflegeberuf tätig sind.
*Pour les personnes qui soig-nent/ont soigné un de leurs proches ainsi que pour celles qui travaillent dans ledomaine des soins.*
**Jeweils Dienstags / *mardis***
**1. Treffen / *1re rencontre:***
11.06
**Wann / *quand*:** 9.30 - 11.00
**Wo / où:** Maison Worré - Redange/Attert (11, Grand-Rue)



## MINITRIP HEIDELBERG

Begeleiten Sie uns Ende September nach Heidelberg und lassen Sie sich von Heidelberg Stadt in den Bann ziehen.

**Tag 1:** Altstadtführung und Schifffahrt
**Tag 2:** Geführte Besichtigung vom Heidelberger Schloss und Fahrt mit der Bergbahn
**Tag 3:** Schloss & Gartentour in Schwetzingen mit anschliessendem Mittagessen.

*Rejoignez-nous à Heidelberg fin septembre et laissez-vous envoûter par la ville de Heidelberg.*

***1re journée:*** *Visite guidée de la vieille ville et promenade en bateau*
***2me journée:*** *Visite guidée du château de Heidelberg et un tour en train de montagne*
***3me journée:*** *Visite combinée du château et du jardin de Schwetzingen, suivie d'un déjeuner.*

**24.09 - 26.09**
**Einschreibungen bis 17. Juli!**
***Inscriptions jusqu'au 17 juillet!***

**Für weitere Informationen sind wir gerne für Sie da: T. 27 55 - 33 70**
***Pour plus d'informations, nous sommes à votre disposition : T. 27 55 - 33 70***

## Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

**CENTRE PAROISSIAL:** 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert
Site: https://cathol.lu/atertdall

**ÉQUIPE PASTORALE:**
Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jjf@scj.lu
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail : jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail : vincent.billot@cathol.lu

**SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tél: 23 62 10 53** / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire
**KRANKEN- & ALTENPASTORAL** Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ
**NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES tél. 621 686 102**

## D'Par Atertdall lued an:

**31. Mee, 1. & 2. Juni**: 10. Jubiläum vum **Week-end vun den oppene Kierchen** ënner dem Thema: Blummen a Planzen. Ausstellung an der Kierch zu Wal. Informatiounen op www.oppekierchen.lu & am Parbréif.

**22. Juni** um 19.00 Auer zu Réiden: **TE DEUM**

**30. Juni** um 18.30 Auer zu Réiden am Centre polyvalent: **FORUM** mam Thema: **Réckbléck an Ausbléck iwwer d'Parliewen a Virbereedung vum hl. Joer 2025 ënner dem Leitwuert : « Pilger der Hoffnung »** *Org.: Pastoralrot*

### CATÉCHÈSE & COMMUNION

**>> Inscription à la catéchèse 2024/2025 <<**
**>> Inscription pour la Communion 2025 <<**

Chers parents,
Les inscriptions pour la catéchèse et la communion débuteront le **17 juin 2024**.
Informations auprès du secrétariat paroissial Tél: 23 62 10 53.
...**Inscriptions uniquement par mail:** inscription.cate.attertdall@gmail.com
Les fiches d'inscriptions seront disponibles sur notre site:
https://web.cathol.lu/article6545

**La date butoir pour les inscriptions est fixée au 30 août 2024.**

### Aschreiwungen fir d'Firmung 2025

Informatiounen am Parbüro Tel: 23 62 10 53 oder Mail: atertdall@cathol.lu
D' Formulairen fir d'Aschreiwungen fannt dir op eisem Site:
https://web.cathol.lu/article4406 (Firmung)
**D'Aschreiwungen gin bis den 30. August 2024.**

**4. Juli:** Ausflug op Maria Laach organiséiert vun der ACFL Par Atertdall Sainte-Claire. Weider Informatiounen an Umeldung beim *Diane Flammang* Tel: 691 110 583 oder diane_flammang@yahoo.de

All weider Informatiounen : Masseplang, Aktivitéiten, Agenda vun der Par sin an eisem Parbréif an um Internet: https://cathol.lu/atertdall

D'Fraen a Mammen Par Atertdall Sainte-Claire invitéieren Iech ganz häerzlech op hiren Dagesausfluch den 04. Juli 2024 op

## MARIA LAACH (DE)

Den Depart ass um 08h20 zu Réiden bei der Kierch an um 08h30 zu Réiden beim ale Cactus (rue de la Piscine). Mir wäerten sou géint 11h00 zu Maria Laach ukommen.

Um 12h15 hunn mir Rendez-vous am 4**** Seehotel Maria Laach www.seehotel-maria-laach.de , wou mir e gudde Maufel zesummen iessen.

Um Menu steet :

- ***Geschmorte Ochsenbrust Rotwein-Pflaumenmus, Kartoffel-Senfstampf, glasiertes Wurzelgemüse*** oder

- ***Veganer Nussbraten Süßkartoffel-Karotten Püree, Stäbchengemüse, Orangenreduktion, Kräutersaitling***

- **Dessert:** ***Laacher Apfeltraum (Apfelparfait)***

No dem Iessen hutt Dir fräi Zäit fir de Site (Kierch mat Klouschter, Gäertnerei, Séi, Geschäfter, an sou weider) besichen ze goen. De Plang vum Areal fant Dir op der Récksäit. Mir trieden d'Heemrees um 16h30 un.

Den Präis fir d'Iessen zu Maria Laach an den Bus ass 85€.

Owes kann en dann nach Ham, Fritten an Zalot mat engem Stéck Taart zu Réiden am New Relais Postal genéissen, zum Präis vun 23,50€ fir den Dag gemittlech auskléngen ze loossen.

Mir bieden Iech, Iech bis spéitstens den 20. Juni 2024 beim Diane Flammang um Tel: 691 110583 oder diane_flammang@yahoo.de unzemellen.

Är Umeldung ass eréischt gülteg wann Dir de Betrag vun **85€** um Konto vun der **Raiffeisen CCRA LU05 0090 0000 0288 4401** vun den **Fraen a Mammen Par Aterdall Sainte Claire,** iwwerwisen hutt.

Mir freeën eis Iech op eisem Ausflug begréissen ze dierfen.




Liesnuecht an der Schoul Réiden

Den 29ten Abrëll hat den C2.2 eng Liesnuecht an der Schoul organiséiert. Nodeems d'Kanner sech installéiert haten, goung et direkt lass mat den Atelieren. Et goufe verschidde Statiounen an Atelieren, wou d'Kanner Aufgaben zum Thema Liesen gestallt krut hunn: Vun enger Liesspuer bis zu engem Lieszeeche bastelen war fir jiddwereen eppes derbäi. Owes hunn d'Kanner dann am Klassesall geschlof a moies gouf zesumme giess iert et dann kuerz no 8 Auer nees mat der normaler Schoul weidergaangen ass, e bessi méi midd ewéi soss. 😉






Floumaart
19. Juni an der Aula
9:00 – 16:00
- grousse Bicherstand
- Spillsaachen
- flott Wueren
- Gedrénks
- Kaffi & Kuch
Organisatioun:
Schoulklassen aus dem Zyklus 4.2 vu Réiden
Den Erléis ass fir eis Rees op München


SAMSCHDES,
den 13. Juli
2024
MUSIC
&
MOVE
SCHOULFEST
zu
REIDEN
Vun 10h bis 14h
zu Réiden bei der Schoul
FIR IESSEN
A GEDRENKS
ASS GESUERGT
Org. vum Leierpersonal a vun den
Elterevertrieder vun der Schoul Réiden a
Kollaboratioun mam SEA Beiesatck a Réidener
Jugendtreff
D'KANNER STINN WÄREND DEM
GANZE FEST ENNERT DER
RESPONSABILITEIT VUN DEN
ELTEREN!

# Virowend vum Nationalfeierdag
# den 22. Juni 2024

## PROGRAMM:

18:45 Auer
Depart vum Cortège beim WORRÉ-HAUS

19:00 Auer
Te Deum an der Kierch

20:00 Auer
Receptioun am Centre Polyvalent mat engem klenge Concert vun der Nojemer Musik

Uschléissend Volleksfest mat Danzmusik am Worréspark

Musik vun der Band:




## NËTZLECH INFORMATIOUNEN:

Dëst Joer wäerten et keng Jetonen méi ginn, fir ze bezuelen.

Déi Leit, déi awer nach Jetonen hunn, kënnen déi natierlech an de jeeweilegen Keessen ëmtauschen.
An de Keessen kann een sech dann Bongen vun 10€ oder 20€ kafen.